



Luxembourg, le - 2 AVR. 2021
Réf. QP-28/21

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°3766 « Fraude au chômage partiel » du 4 mars 2021 des honorables
Députés Marc Spautz et Laurent Mosar

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°3766
« Fraude au chômage partiel ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON

Äntwert vun der Madame Sam TANSON, Justizministesche, dem Här Dan KERSCH, Minister fir Aarbecht, Beschäeftegung a fir Sozial - a Solidarwirtschaft an dem Här Finanzminister Pierre GRAMEGNA, op d'parlamentaresch Fro N° 3766 vun den honorabelen Deputéierte Marc SPAUTZ a Laurent MOSAR vum 4. Mäerz 2021 betreffend Bedruchsfäll an der Kuerzaarbecht

Kënnen d'Ministeren dës Informatiounen bestätegen?

Als éischt sief betount, dass déi absolut Majoritéit vun Firmen hier Kuerzzäitaarbecht-Démarchen éierlech ausgefëllt hunn.

Wat Bedruchsfäll ugeet, kann een tëschent 2 Szenarien ënnerscheeden:

- 1) Aarbechter déi zwar an der Kuerzzäitaarbecht déklariéiert goufen awer weiderhin geschafft hunn;
- 2) Am Kader vun de Failliten ass och opgefall, dass verschidden Firmen am Décompte vum Chômage partiel bestätegt hunn, dass si hieren Mataarbechter d'Kompensatiounsindemnitéit bezuelt hätten. Aus vereenzelten "*Déclarations sur l'honneur*" vun de Mataarbechter geet dann allerdéngs ervir, dass dëst net de Fall ass. D'Konsequenz ass, dass de „*Fonds pour l'Emploi*“ zweemol fir déi selwécht Fuerderungen intervenéiert ass: fir d'eischt fir d'Bezuelen vun Avancen am Kader vun der Kuerzaarbecht an duerno fir d'Bezuelen vun onbezuelte Salären ënnert der Scholdgarantie vun de Mataarbechter, déi vun der Faillite betraff sinn.

D'Steierverwaltung an den Enregistrement kënnen fir den Moment schwéier beurteilen, ob d'Firmen wou den Virwurf vun Bedruch bei der Kuerzaarbecht am Raum steet, och eventuell Steuerbedruch begaangen sollen hunn, well de jeeweilege Verwaltungen nach net genuch Informatiounen vum Steuerjoer 2020 virleien.

Fir kënnen ze beurteilen op dës Firmen eventuell och Steuerbedruch begaangen hunn, missten d'Firmen hier Kierperschaftssteuererklärung an hier järelech TVA-Erklärung vum leschten Joer ofginn hunn. Delaie fir des Steuererklärung vum Joer 2020 sinn awer nach net ofgelaf. Bedéngt duerch d'Covid-19 Pandemie goufe verschidden Delaie verlängert, wéi zum Beispill den Datum vun der Kierperschaftssteuererklärung betreffend Steuerjoer 2020 vum 31. Mäerz op den 30. Juni 2021.

Wann d'Steierverwaltungen bei der Iwwerprüfung vun de jeeweilege Steuerklärung Bedruchsfäll sollte feststellen, ass et méiglech administrativ Sanktiounen ze verhänken, respektiv eng Dénonciation beim Parquet ze maachen.

Kënnen d'Ministeren eis matdeelen, wéi vill Verdachtsfäll hinne bekannt sinn? Wéi vill Suen huet de Staat ze vill ausbezuel?

Insgesamt goufen 6 Kloe beim Parquet déposéiert, 3 am Kader vun de Failliten an 3 fir Bedruchsfäll, wou Salariéen, während se an Kuerzzäitaarbecht déklariéiert goufen, wéider geschafft hunn.

Am Joer 2020 goufen 49 Kloe betreffend d'Kuerzaarbecht bei der ITM agereecht.

Dovun goufen 25 Kontrolle vun der ITM zesumme mat der ADEM gemaach, a 24 Kontrolle goufe vun der ITM alleng gemaach. Bei dësen Kontrollen goufen 2 Bedruchsfäll iwwer d'Kuerzaarbecht virfonnt déi der ADEM matgedeelt goufen.

Am Joer 2021 goufen, bis den 8. März 2021, 9 Kloe betreffend d'Kuerzaarbecht bei der ITM agereecht, 2 Kontrolle goufe vun der ITM zesumme mat der ADEM gemaach a 7 Kontrolle goufe vun der ITM gemaach.

Genau Zuelen iwwert déi Montanten, déi zevill ausbezueelt goufen, leien bis dato net vir. D'Enquêteuren vum Parquet wäerten déi genau Zuelen feststellen, wann d'Enquêtes bis ofgeschloss sinn.

Ginn et méiglecherweis grenzüberschreitend Bedruchsfäll, wou souwuel vu Steuergelder op Lëtzebuerger Saît, wéi och z.B. op franséischer Saît profitéiert gëtt?

Opgrond vum "secret de l'instruction", sou wéi den Artikel 8 vum Code de Procédure Pénale et virgesäit, si keng Informatiounen verfügbar iwwer grenzüberschreitend Bedruchsfäll.

Wéi eng Strofen spillen an dës Fäll? Kënnen d'Mataarbechter eventuell och zur Rechenschaft gezu ginn?

Bei all deene Kontrolle goufen déi concernéiert Employeuren vun der ITM opgefuerdert d'Bestëmmungen iwwer d'Arbeitsbedingungen an iwwer d'Sécherheet an d'Gesondheet op der Arbeit ze respektéieren an d'Verstéiss, déi géint dës Bestëmmungen virfonnt goufen, ze regulariséieren. A 16 Fäll hunn déi verschidden Employeuren eng administrativ Geldstrof kritt, an 2 Dossiere goufen vun der ITM un de Parquet geschéckt.

Déi Strof ass am Artikel 511-14 vum Code du travail virgesinn: „(1) Les subventions accordées sur base de déclarations erronées sont à restituer. Les subventions accordées sur base de déclarations délibérément fausses et dès qu'il y a un manquement délibéré dans le versement des indemnités de compensation à un ou plusieurs salariés concernés ou que des subventions ont servi à des fins autres que le paiement des salaires, le bénéficiaire doit restituer la totalité des sommes perçues sur base de l'ensemble des demandes introduites et le bénéfice du chômage partiel est retiré avec effet immédiat à l'entreprise concernée. (2) Les infractions aux dispositions de l'alinéa 1er sont punies d'une amende de 251 à 5.000 euros. (...) ».

Fir de Fall, dass hei strofrechtlech Handlungen am Raum stinn, sinn d'Ministeren der Meinung, dass d'Verdachtsfäll missten un de Parquet gemellt ginn? Wa jo, kënnen d'Ministeren eis confirméieren, dass dat och geschitt ass?

D'Ministere kënnen confirméieren, datt all déi Verdachtsfäll dem Parquet gemellt ginn op Basis vum Artikel 23 (2) vum Code de procédure pénale, dee virgesäit datt: « Toute autorité constituée, tout officier public ou fonctionnaire, ainsi que tout salarié ou agent chargés d'une mission de service public, qu'il soit engagé ou mandaté en vertu de dispositions de droit public ou de droit privé, qui, dans l'exercice de ses fonctions, acquiert la connaissance de faits susceptibles de constituer un crime ou un délit, est tenu d'en donner avis sans délai au procureur d'Etat et de transmettre à ce magistrat tous les renseignements, procès-verbaux et actes qui y sont relatifs, et cela nonobstant toute règle de confidentialité ou de secret professionnel lui étant applicable le cas échéant. ».